N°3152
Entrée le 03.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.11.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 31 octobre 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung an den Här Sportsminister weiderzeleeden:

*„Rezent Etüden a Bäiträg vu Fachgesellschaften ënnersträichen, datt kierperlech Aktivitéit – besonnesch Ausdauer- a Kraafttraining – eng wichteg Roll an der Präventioun, an och an der Behandlung vu ville onkologesche Krankheetsbillerspillt, wéi zum Beispill Broscht- a Daarmkriibs. Si kann d'Heelung ënnerstëtzen, d'Liewensqualitéit verbesseren an d'Risiko vu Réckfäll reduzéieren.*

*Zu Lëtzebuerg soll d'Prescription de l'activité physique (PAP) ab Januar 2026 am Kader vun engem Pilotprojet starten. Dëse neien Instrument bitt eng Chance, gezielt Patientinnen a Patiente mat grave Pathologien – wéi Kriibs – duerch strukturéiert kierperlech Aktivitéiten ze ënnerstëtzen.*

*tFir d'Effizienz an d'Seriositéit vum Projet ze garantéieren, ass et wichteg, datt d'Zouloossung kloer definéiert bleift a sech op schwéier Krankheetsbiller limitéier. D'Resultater vun dëser Testphase musse systematesch evaluéiert ginn. Gläichzäiteg ass et essenziell, datt déi betraffe Persounen – virun allem déi, déi net vun sech aus sportaffin sinn – professionell begleet ginn an op kloer definéiert Strukture mat qualifizéiertem Personal zréckgräife kënnen.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung an dem Här Sportsminister follgend Froe stellen:*

1. *Wéi eng Formatiounen si fir déi medezinesch Prescripteuren (Dokteren, Spezialisten) virgesinn, fir eng PAP korrekt kënnen ze verschreiwen? Wien ass autoriséiert, esou eng Verschreiwung ze maachen?*
2. *Wéi gëtt sécher gestallt, datt sech d'PAP op Patientinnen a Patiente mat grave Pathologie beschränkt?*
3. *Wéi an no wéi enge Krittären gëtt d'Efficacitéit vum Pilotprojet evaluéiert? Wéi eng Indicateuren (Gesondheetszoustand, Participatioun, Zefriddenheet) ginn erfaasst?*
4. *Wéi gesäit de standardiséierte Wee am Kader vum Pilotprojet aus, nodeems eng PAP verschriwwe gouf? Ass de Prozedurverlaf (Kontaktopnahm, Orientatioun, Begleedung) scho festgeluecht, oder gëtt dëse Prozess am Laf vum Pilotprojet nach ugepasst?*

5. *Wéi ginn d'Patientinnen a Patiente mat grave Pathologien am Pilotprojet konkret begleet?*
    a) *Wien stellt de sportlechen a motivationalen Deel vum Programm zesummen (Ziler, Organisatioun vun Terminer, Vermeidung vun Ofbréch)?*
    b) *Wéi gëtt dës Begleedung finanzéiert, a wéi eng Institutiounen oder Professioneller si bedeelegt?*
6. *Wéi wäit ginn d'Strukture wéi de Centre Hospitalier de Luxembourg (CHL), de Rehazenter, Kinésithérapeuten, Sportveräiner oder Fitnesszenteren an de Pilotprojet integréiert? Gräift de CHL op extern Trainerinnen a Kinéë zréck oder verfüügt een iwwer genuch eegent Personal fir dëse Projet?*
7. *Wéi wäit geet de Remboursement vun der CNS? Gëtt d'Participatioun un de sportlechen Aktivitéiten deelweis oder komplett rembourséiert?"*

Mat déiwem Respekt,

Mandy MINELLA
Deputéiert

Carole HARTMANN
Deputéiert